



**Äntwert vun der Justizministesch Sam TANSON op déi parlamentaresch Fro n° 7563 vum 6.  
Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Roy REDING.**

**1) Fir d'Referenzjoren 2020 bis 2022: Wéi vill esou "soupon"-Meldunge goufen insgesamt  
gemaach?**

Während de Joeren 2020 bis 2022 huet d'CRF 144.240 Meldungen kritt.

**2) Wéi war - no Kategorië vu Professioneller - d'Unzuel vun CRF-Verdachtsmeldungen (Banken,  
Affekoten, Notairen, Fiduciairen, asw.) verdeelt?**

D'Opdeelung vun de Meldungen pro Joer a pro Secteur liest sech folgendermoossen (BL steet fir  
Geldwäsch an FT fir Terrorismusfinanzéierung) :

Entités déclarantes	2020		2021		2022	
	BL	FT	BL	FT	BL	FT
<b>Banques</b>	2392	25	2552	15	3189	10
<b>Secteur des assurances</b>	220	2	305	5	417	0
<b>Secteur des marchés financiers</b>	243	5	254	1	369	2
<b>Entreprises d'investissement</b>	54	0	106	1	75	0
<b>Autres professionnels du secteur financier</b>	291	12	319	3	313	1
<b>Entités opérant en ligne</b>						
Banques (opérant en ligne)	2550	342	2627	198	3614	121
Institutions de monnaie électronique	26761	57	30099	52	15349	46
Institutions de paiement	1178	1	8783	7	26435	13
Prestataires de services d'actifs virtuels	5445	6	3230	31	1943	13
<b>Total des institutions financières</b>	39134	450	48275	313	51704	206
<b>Professions non financières</b>						
Casino	17	0	22	0	44	0
Secteur immobilier	6	0	8	0	29	1
Négociants de biens (DPMS inclus)	11	0	26	0	18	0
Avocats	124	0	92	1	61	1
Notaires	40	0	57	1	111	1
Experts comptables	173	0	218	2	220	3
Réviseurs d'entreprises agréés	39	0	22	0	61	3
Conseillers fiscaux	8	0	13	0	14	0
<b>Total des professions non financières</b>	418	0	458	4	558	9
<b>Autres entités déclarantes</b>	776	4	1143	4	779	5
<b>Grand Total</b>	<b>40328</b>	<b>454</b>	<b>49876</b>	<b>321</b>	<b>53041</b>	<b>220</b>



**3) Wéi vill vun deene Meldunge goufen ouni Suite klasséiert, wéi vill no enger och nëmme sommairer Analys, a wéi vill hu schlussendlech zu Ukloe gefouert?**

Bei der CRF gëtt keng Meldung ouni Suite klasséiert. All Meldung gëtt individuell oder zesumen mat aneren, analyséiert. Am Verlaf vun dëser Analyse kann sech natierlech erausstellen, dass eng méi detailléiert Analyse inopportun ass.

Eng Uklo ass net déi eenzeg Suite déi eng Meldung kann hunn. Eng Meldung kann ënnert anerem zu enger Disseminatioun un d'ACD fir een Redressement, un d'CSSF fir e Suivi vum Supérieur, un de Parquet fir eng Enquête oder un eng auslännesch CRF fir hier eegen Analysen féieren.

Bei deene nationalen Disseminatiounen kann déi stroferechtlech Prozedur eng gewëssen Zäit daueren, esou dass een haut nach net ka soen, wéi vill Meldungen vun 2022 zu enger Uklo wäerten féieren. Fir déi Meldungen déi e Verdacht op Strofdoten am Ausland betreffen ass dëst nach méi schwierig. Och hei kënnen d'Prozeduren eng gewëssen Zäit huelen.

**4) Ginn et Krittären, no deene Verdachtsmeldunge prioritär behandelt oder d'office klasséiert ginn?**

All Meldung gëtt no enger Risiko-Approche klasséiert, a jee nodeem behandelt. Dës Risiko-Approche baséiert op den internationalen Standarden. Et gi keng Krittären no deene Meldungen d'office klasséiert ginn. Et ginn awer Meldungen wou d'CRF keng Unhaltspunkten fënnt fir eng méi detailléiert Analyse ze maachen oder mat enger nationaler oder auslännescher Autoritéit auszetauschen.

**5) Gëtt et eng Statistik iwwert manifest onbegrënnt Verdachtsmeldungen?**

D'CRF féiert keng Statistik iwwert manifest onbegrënnt Meldungen. Et gi Meldungen wou den Verdacht ze schwach ass oder bei deenen d'CRF net genuch Unhaltspunkten fënnt fir eng méi detailléiert Analyse ze maachen oder weider ze féieren. Et ginn an deem Sënn Statistiken iwwer Meldungen déi zu kenger weiderer Analyse an zu kengem Austausch mam Ausland gefouert hunn. Dat bedeit awer net datt d'Meldung doduerch onbegrënnt war.

Et ass och wichteg nach eng Kéier auszeféieren, dass eng Meldung an enger éischer Phase zu kenger méi detaillierter Analyse ka féieren, spéider awer an en Dossier integréiert gëtt.

**6) Gëtt de Verdachtsmelder driwwer informéiert, ob seng Meldung Suiten hat?**

All Verdachtsmelder kritt den Dag wou séng Meldung gemaach goufen en „accusé de réception“.

De Verdachtsmelder gëtt an enger zweeter Phase dann och iwwer d'Suiten vun senger Meldung informéiert. Wann d'CRF decidéiert eng méi detailléiert Analyse ze féieren op Basis vun enger Meldung dann gëtt den Verdachtsmelder informéiert datt een Dossier opgemaach ginn ass. Wann den Dossier zougemaach gëtt, kritt den Verdachtsmelder d'Informatioun zu der Clôture an wat am Kader vun der Analyse gemaach ginn ass (z.B. en Austausch mam Ausland oder eng Transmissioun un eng national Autoritéit). Am Fall wou d'CRF net genuch Informatiounen huet fir eng Analyse oder en Austausch mam Ausland ze maachen, gëtt dem Professionellen dat och matgedeelt.



**7) Stëmmt et, datt d'CRF oft decidéiert, datt si eng Transaktioun NET blockéieren, mee awer dem Melder soen, hie kéint d'Transaktioun ënnert senger Responsabilitéit maachen?**

Wann d'CRF eng Meldung kritt an awer zu deem Zäitpunkt vun den Analysen net genug Informatiounen huet déi e Blocage vun den Konten justifiéieren, da bleift et um Enn ëmmer um Professionellen selwer ze entscheiden op hien trotz séngem Verdacht bereet ass d'Relatioun mam Client ze erhalen an eng Transaktioun fir de Client auszuféieren.

**8) Wéi stitt Dir zum Fakt, datt hei Professioneller an eng quokeleg Situatioun bruecht ginn, ëmsou méi, wéi si jo dem Client net soen däerfen, datt si eng CRF-Meldung gemaach hunn?**

Duerch déi sougenannten "no tipping off" Regel dierf de Professionellen net dem Client oder engem Drëtten matdeelen, dass hien eng Meldung un d'CRF gemaach huet oder wäert maachen. Dëse Prinzip ass an der lëtzebuerger Gesetzgebung, an den europäeschen Direktiven wéi och an de GAFI Recommandatiounen (Recommandatioun 21) virgesinn. Déi Regel ass och immens wichteg fir eng effektiv Bekämpfung vun der Geldwäsch a vun der Terrorismusfinanzéierung.

An der Praxis ass et oft esou, dass de Professionellen sech op säin Vertrag mam Client oder séng allgemeng Geschäftsbedingungen beriff fir d'Transaktioun net auszuféieren.

De Professionellen däerf sengem Client op keen Fall matdeelen, dass hien eng Meldung un d'CRF gemaach huet. Sollt d'CRF awer en Blocage ordonnéiert hunn, autoriséiert si generell den Professionellen, dem Client – bei Nofro vun dësem – z'informéieren dass en Blocage vun der CRF virläit. Dëst erlaabt et dann dem Client e Recours géint dës Mesure vun der CRF virun der Chambre du conseil anzeleeën.

**9) Wéi séier gëtt am Allgemengen op eng CRF-Verdachtsmeldung réagéiert? Bannent Deeg, Wochen oder Méint?**

All Meldung gëtt bannen e puer Deeg gekuckt. Wann eng Meldung urgent erschénkt, dann gi séier déi éischt Mesure geholl (z.B. Austausch mam Ausland, Blocage vun den Konten). Dono gëtt d'Meldung no dem zougewisenen Risikoniveau traitéiert, wéi ënnert der drëtter Fro beschriwwen.

Déi néideg Zäit fir en Dossier ze veraarbechten hänkt staark vu senger Komplexitéit of a vum Ëmfang vun den Informatiounen déi ze analyséieren sinn. Och déi national an international Zesummenaarbecht kann en Impact op den Delai vum Traitement vum Dossier hunn.

Ofhängeg vun all deenen Faktoren, kann d'Analyse vun den Informatiounen aus enger Meldung Deeg, Wochen oder Méint huelen.

**10) Wéi vill Leit schaffen am Service vun der CRF?**

Et schaffen am Moment 39 Leit am Service vun der CRF an déi sinn folgendermoossen opgedeelt:

Personal	2020	2021	2022
Analysten	14	18	24
Magistraten	6	6	6
Secretariat	5	6	6
IT Personal	3	3	3
Total CRF Personal	28	33	39



**11) Gëtt dem GAFI en detailléierte Rapport gemaach iwwer d'Unzuel, d'Qualitéit an d'Suite vu Verdachtsmeldungen?**

Jo.

**12) Huet de concernéierte Mënsch eng Méiglechkeet, gewuer ze ginn - nodeems d'Affär klasséiert gouf-, datt eng Verdachtsmeldung géint hie gemaach gouf, an duerch ween? Huet hien e Recours géint e Professionellen, deen muttwëlles eng Verdachtsmeldung géint hie gemaach huet?**

En Accord mat der sou genannten "no tipping off" Regel (wéi uewen genannt), huet den concernéierte Mënsch keng Méiglechkeet, gewuer ze ginn datt eng Meldung géint hie gemaach gouf an dëst och net nodeems d'Affär klasséiert gouf.

Dobäi kënnt dat den Artikel 5 (4) vum Gesetz vum 12. November 2004 betreffend d'Bekämpfung vun der Geldwäsch a vun der Terrorismusfinanzéierung den Professionellen virun Poursuiten schützt, wann deen a "guddem Glawen" eng Meldung bei der CRF gemaach huet.

Wann d'CRF e Rapport un de Parquet schéckt an deen dono feststellt, datt eng Meldung gemaach ginn ass déi net am Sënn vum Gesetz wier, mee fir engem aneren, absichtlech, ze schueden, dann kann de Parquet decidéieren de concernéierte Professionellen ze poursuivéieren. De Betraffenen géif dann och gewuer ginn, datt eng Meldung géint hie gemaach gouf.

Och wann d'CRF decidéiert e Kont ze blockéieren, kann de Betraffenen e Recours virun der Chambre du Conseil aléëen an huet sou an dem Kontext d'Méiglechkeet gewuer ze ginn wat fir eng Verdachtsmomenter géint hien bestinn. Dës Verdachtsmomenter sinn an engem Rapport vun der CRF détailléiert. De Betraffenen gëtt net gewuer vun wou dës Verdachtsmomenter kommen.

**13) Ass de Staat eventuell responsabel, wann enger CRF-Verdachtsmeldung keng Suite gi sinn an et sech erausstellt, datt de Verdacht begrënnt war an entre-temps Bierger Affer vun den Agissementer vun der viséierter Persoun goufen?**

Vum legalen Standpunkt hier, regelt d'Gesetz vum 1. September 1988 iwwert d'Responsabilitéit vum Staat de Fall vun engem Schued, deen duerch e Feeler vu Beamten verursaacht gëtt.

Lëtzebuerg, den 6. März 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson